ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Commission de la circulation du 22.10.2025

1. Presenzen

Présent	Absent
Amaral Antonio	Amaral Antonio (excuséiert)
Edert Rick	Eich Nico
Feierstein Sascha	Fernandes José (excuséiert)
Huberty Laurent	
Kieffer Aloyse	
Reding Marc	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Scholtes Luc	
Wampach Sandra	

2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 02.07.2025 gouf unanime approuvéiert.

3. Mail vum Schäfferot

Op eise leschte Rapport krute mir vum Schäfferot de Retour dass mir als Verkéierskommissioun 1x/Joer kënnen d'Verkéiersreglement ufroen. Mir froen dëst fir 2025 Enn dës Joers un a fir 2026 wäerte mir et Mëtt des Joers ufroen.

4. Zebrasträifen

Mir stelle fest, dass mir aktuell am Projet Zebrasträifen nach net weider komm sinn, ausser dass mir en Devis ugefrot hunn dee mir der Gemeng zoukomme gelooss hunn. Hei géinge mir gär vum Gemengen- a Schäfferot wësse wéi et mam Devis ausgesäit? Gett den Devis ëmgesat oder muss en néien Devis ugefrot ginn?

Beliichtung:

Wéi gesäit et mat béidsäiteg Beliichtung bei den Zebrasträifen aus? Wéi gesäit d'Emsëtzung aus?

Plazeweis goufen d'Zebrasträife richteg beliicht, mee nach net iwwerall an der Gemeng. E Beispill heifir ass zu Brouch op der route d'Arlon wann ee vu Recke kënnt, ass d'Beliichtung ugepasst mee nach net déi horizontal Beliichtung.

Eis wier et wichteg als Verkéierskommissioun dass dat iwwerall an der Gemeng konform ugepasst gëtt.

5. Chantier

Mir hunn eis d'Fro gestallt wien zoustänneg ass fir den horizontale Marquage no engem Chantier nees frësch ze maachen ? Ass dëst den Entrepreneur oder d'Gemeng ?Op de verschiddenen Chantieren an der Gemeng hu mir festgestallt dass d'Marquagen nom Chantier net frech gemaach goufen. Eis wier et wichteg, dass wann e Marquage do war, soll deen no engem Chantier nees frech gemaach ginn.

Mir géingen als Verkéierskommissioun opmierksam maachen op e Chantier deen eis zimmlech geféierlech schéngt :

Chantier zu Bëschdref → Wéinst dem Chantier ass den Trottoir ënnerbrach. Et gi keng Schëlder déi weise wou d'Léit kënnen trëppelen. Wier et méiglech Schëlder opzestëlle fir de Foussgänger eng Ëmleedung ze weisen an och en Ersatz Zebrasträifen ? Eis wier et wichteg dass d'Gemeng e provisoresche séchere Foussgängerwee entwéckelt vu dass de Chantier nach puer Méint dauere wäert.

Duerch de Chantier ass och de Busarrêt betraff : Wier et méiglech de Busarrêt provisoresch ze verréckelen ?

Wien ass verantwortlech fir d'Organisatioun an d'Koordinatioun vum Chantier ?

6. Ernéierung vun de Schëlder mat de Stroossennimm

Mir sinn der Meenung dass dëst eng flott Initiative ass, mee definitiv keng Prioritéit ass. Mir géingen als Kommissioun d'Prioritéit op d'Zebrasträife gesinn a net op d'Erneierung vun de Schëlder.
Falls et ëmgesat gëtt, géinge mir als Kommissioun proposéieren déi offiziell Stroossennimm ze halen an déi letzeboiech Iwwersetzung drënner ze schreiwen.
Mir géingen och proposéieren dass d'Schëlder progressiv erneiert ginn, wann se souwisou mussen erneiert gi mee se net all mateneen z'erneieren.

7. Zone 30:

Mir hunn eis als Kommissioun d'Fro gestallt op d'Berliner Këssen oder faarwege Marquage op de Stroossen eng Optioun fir de Schäffen- a Gemengerot wiere fir dës an de Zone 30 z'installéieren?

8. Verschiddenes:

- Kräizung route de Luxembourg mat der rue de Greisch a rue de Brouch: Wier et méiglech do den Trafic mat Luuchten ze regléieren? Dës Kräizung stëllt fir eis e Knuetepunkt an der Gemeng duer dee net funktionéiert.
- Autonom Fueren: Ass d'Gemeng drun intresséiert un engem Pilotprojet fir autonom Fueren deel ze huelen?

9. Nächst Versammlung:

Mëttwoch, 10/12 um 19:00 am Café beim Isabelle